Robert LINSTER, gebuer zu Helsem (Helmsingen) Gemeng Walfer (Walferdingen) de 15. Oktober 1922 .

Vu méngem Asaatz am
Süd – Oofschnët vun der Ostfront .

Dësen Text gouf am September 1943,direkt nodeem dëtt alles geschitt ass, an engem Frontlazarett zu Prezemisl (op der Ukrainesch Polnescher Grenz) mat engem Bläistëft an ee klenge Carnet geschriwwen , an Enn September an engem Bréif op Dikrich heemgeschéckt.(Dës Notitzen bestinn nach haut (2001) am original Zoustand am Dossier mat ménge Bréif aus déer Zäit.

Eis Reess an ´t Ostfront .

Samsdeg, den 31 . Juli 1943 .

Owes ëm 7 Auer komme mir zu Brasowo, eng Statioun un der Eisebunnslinn vu Briansk op Kursk, un. Eis ganz Kompani bleiwt zesumme an esou all mir letzebuurger Jongen, wéi d´Preisen äis zu Stablak am Ausbildungslager beieneen geluegt hunn.

Da si mer jo nees geland an dem dreckige Russland.. Déi aacht Deg am Zug an de Véiwaggonen hun äis schon erëm genuch gewisen vun deem immense Land.

Mat dem Torneschter um Bockel geet et elo zu Fouss; schon no dem eischte Kilometer hu mir es all genuch; déi russesch Stroossen dinn äis déck. Et hat frësch gereent a bis an d'hallef Stiwwele gi mer an de Bulli an. Em véierel op aacht gët et däischter a kee Stach gesäit ee méi viru sech. An der Däischtert geet et virun, annerhallef Stonn, an da gesi mer virun äis d´Ëmrësser vun engem grousse Gebai, wahrscheinlech ee Lazarett. Am Grueff loosse mer äis nidder, an de Kompanichef geet kucken wou mir eigentlech dru sin. Déi éischt Zäit gefällt déi Rascht äis ganz gutt, mee et dauert ze laang, a mir gi kal an ongedëllech. No zwou Stonnen si mer duurch an duurch kal, an dat naasst geschweest Gezei léist engem d´Schudderen aus goen. Endlech kënt de Chef erëm , an et heescht : „ den Torneschter op, a weider" . Et huet keen eppes dergéint, da gi mer wéinigstens erëm waarm. Mee Gott sei Dank dauert de Marsch net méi laang; no 10 Minuten sti mir virun engem zweete grousse Gebäi – ouni Glas an de Fensteren. Ma dat deet näischt, well et heescht :" Hei kënt der schlofen „ . Et gët kee laangen Zirkus gemat : op den drëtte Stack klamme mer erop, an eran an dat éischt bescht Zëmmer. De ganze Battaklang flitt an den Eck, a wéi mer do sinn , lée mer äis op de plaackege Buedem, an no 5 Minutten beweisst Schnaarchen dass alles fest schléift .

Sonndeg , den 1. August 1943.

Ëm 7 Auer stinn ech op, d`Schanken ewéi gebrach vun deem haarde Buedem, a gläich geet et sech wäschen. Et si 500 Meter bis mir bei e Weier kommen, wou mir äis am schéine frësche Quellewaasser de Schweess vum Kierper wäschen. Ennerwee erzielt en Einheimischen, dee mir begéinen, dass mir am Schülerheim vun enger russischer Universitéit sin. Niewendrunn stung ee Schlass vum Zar séngem Brudder, ma dat ass am leschte Mee ganz zerstéiert gin. No dem Wäschen si mer de ganze Muerge fräi, an zu 3o Letzebuurger leie mer an enger Wiss, am Schied vun de Lannebeem, an erzielen vun doheem a vun nach esou ville schéine Saachen . D´Leit déi laanscht gin, sin all gud gekleet, an d´Meedercher bräichten sech nët ze schummen virun eise Frëndinnen doheem. Et ass alles esou guer net russesch, bis op déi kléng, niddrig mat Stréi gedeckten Holzhaiser , wou d´Duerfleit dra wunnen. Mëttes gi mer schwammen, a kënnen eis Hiemer wäschen. Mat dem Calcong an dem Hiem sprangen ech an d´Waasser a wäschen dat Gelëmps um Leif. Em 4 Auer ass ee Footballmatsch : Letzebuurg géint de Rescht vun der Welt . Em 9 Auer leie mer schon nees all um Buedem an eisem Zëmmer

Méindeg, den 2. August 1943.

De Muerge verleeft grad ewéi dee vum Sonndeg,nëmmen dass de Spiess (den Haaptmann vun der Schreifstuff , ee Feldwebel) seet mir sollen alles paken, well mir géngen haut oder mar fort A scho kënnt deen éischte mat der Sondermeldung : mir hunn nëmmen 8 km. wäit ze goen;– an dann deen zweeten : mir hunn haut 5o km ze

goen – an esou geet et virun. Ëm halver zwou gët verzielt : Torneschtere gi geféiert, mee d´Stuurmgepäck, de komplette Koppel an de Wäschebeutel misste gedroe ginn.

An esou ass et dann och: Ëm 6 Auer marschéiere mir of, ouni Torneschter, mee dat anert Geschir dat mir ze schleefen hunn, weit ongeféier 30 Pond. D´Sonn drékt nach mat voller Gloust op äis erof, a schon no e puer Kilometer si mer duurch an duurch naass. Iwwert déi stëpsech Strooss geet et weider a weider a geschwënn gesi mer aus ewéi Negeren. Mee dat ass nach net alles – äis entgéint komme Lazarettween vun der Front , an un de Verwonnten gesäit ee weider näischt ewéi Knascht, fatzeg Kleeder a Blutt – eis Moral déi fällt op Null. Ëm halver aacht gët et méi kill , mee elo fänken d´Féiss un ze brennen , an ech gin ewéi op Eeër . – Mee et bleiwt keng Zäit fir dodrun ze denken - Gebrumms an der Luucht... russech Flieger !: a schons leie mer an engem Gruef an Deckung, – mee déi fléien eriwwer ouni äis ze bekucken. Op geet et a weider, weider ëmmer weider a weider. D´Kléeder pechen ais um Leif, an ëmmer méi gräife mer no der Feldfläsch fir äis de Stëps aus der Guurgel ze spullen, a weider ëmmer weider. Ët ass schon e gudde Strapp däischter, a mir trëlle méi wéi dass mer ginn. Endlech maache mer eng Rascht, a mer kreie gesot, dass et nach dräi Kilometer sinn. Mee dräi Kilometer duurch Russland, bei der Infanteri,dat sinn der 9 duurch soss e Land. Op eemol héiere mer : Sanitäter nach vorn – et ass een ëmgekippt deen net méi weider kënt. Hie kritt e puer Minutte Rascht, mee da muss hie mat virun. Mir fänken un ze knouteren, a kréien och prompt eng stramm Moralpriedegt gehalen. Et ass nach ee Kilometer ma ee russeschen. Déi gin och nach erof gemeetert , an ëm 12 Auer komme mir un. Gläich gi mer aquartéiert a russech Haiser, a falen ëm ewei Säck

Densdeg,de 4. August 1943.

Ëm 6 Auer erwechen ech a muss gläich ufänken ze kraatzen, well d´Lais an d´Fléi friesse mech bal. Duefir huele mer och gläich eise ganze Plënner a récken eraus an d´Wiss an d´Sonn. Ganz stäif si mer vum Dreck, an eréischt wéi mer gewäsch sinn geet et äis besser. De „Gehwohl „ an d´Fousspudder spillen elo bei äis eng ganz grouss Roll. Nodeem mer äis esou an d´Rei gemat hunn geet et un d´Äppel déi fir haut eis bescht Verpflegung sinn. Ëm 2 Auer heescht et erëm „untrieden „. D´Sonn brennt onbarmhäerzeg op äis erof, an de Schweess leeft laanscht äis , schons éier mer gin. An da geet et lass ! De Stëps an de Schweess bréngen äis esou wäit, dass mer schon no enger halver Stonn net méi gudd sinn fir heeschen ze goen. No enger Stonn Marsch brécht deen éischten zesummen . An och mir léën äis nidder op fräier Wiss, kee Schied wäit a breed , schweessnaass, de Calcong an d´Hiem pechen um Leif un , an d´Zong um Gaum. An Afrika kann et net méi schlëmm sinn . No kuurzer Rascht geet et weider, nach annerhallef Stonn bis an dat next Duerf. An dann ass et nët méi méigelech fir weider ze goen, mir sinn all vill zevill groggy. Dorop hin beschléissen eis Kommandanten bis 10 Auer Owes ze waarden, an da weider ze goen. Op eiser Raschtplaatz fanne mer äiskalt Waasser, an dat get gedronk, et ass äis alles eegal, nëmme Waasser – Waasser. Dorop hin gët sech higetesselt, an ech erwächen eréischt ëm halwer zing. Op geet et a weider. Op zwéi Panjeesween (klénge vun engem Päerd gezunnene Won) féiere mer déi mat, déi sech net méi kënnen op de Féiss packen. Elo an der Nuecht geet et sech gutt, an esou léë mer zéng Kilometer ouni Openthalt hannert äis.

Mëtwoch, de 4. August 1943.

An ëmmer viru geet et duurch d´Nuecht, duurch eng trostlos Géigend ; lénks vun der Rollbahn (esou gin hei déi grouss Stroosse genannt) leeft e grousse Floss , am Waasser spiegelt sech de Mound an um Himmel blénken d´Stäeren . Et ass awer nëmme just datt eise Geescht dat ophëlt ewéi eng Foto, wëll eis Gedanken déi laafen scho méi wäit, dohinner vu wou mer d´Kanounen héiere grommelen, an et gët äis ganz

kloer : t´geet ëmmer méi no bei d´Front. Ëm 3 Auer fängt et un hell ze ginn, an esou wäit wéi mer gesinn féiert d´Strooss äis duurch onendlech Weessefelder.Sou lues fänke mer elo all un, den Dadder ze kréien , well 14 Dég hu mer näischt waarmes méi giés, an déi 7 Woche Waasserzopp zu Stablack an der Ausbildung hun äis och keng Kraaft gin. Endlech ëm 4 Auer béie mer lénks of a kommen an e klengt Duerf, wou mer solle leie bleiwen bis den Owend. Mir riichten d´Zelt op ënnert en Äppelbam, iessen äis de Bauch voll Äppel a léen äis nidder. Em 9 Auer gi mer opgeruff, briechen d´Zelt of, an et geet neess weider . Neess dréckt d´Sonn, an eng Onmass Autoen fiert laanscht äis, an de Stëps deen se opjoen setzt sech un de ganze Kieper fest, d´Aën déi brennen an d´Strass déi glousst, a wa mir äis bekucken kennt keen deen aneren méi ërëm . Matt Méi hale mer äis nach op de Been. Méi ewéi een fällt an den Dreck, kann net méi virun a muss op de Won geluede gin. Mee da muss allkéier ee vun deenen , déi virdrunn zesumme gaang sin, neess erof. Esou schleefe mer äis bis 2 Auer, an da gët Halt gemat am Schied vun enger Hieselterheck. Alleguer fale mer ëm, t´kritt bal kee méi de Koppel aus, d´Feldfläsche sinn eidel, mee et ass keen am Stand Waasser sichen ze goen, dat 300 Meter weider aus engem Pëtz geholl muss ginn. No enger Stënnchen kënne mer äis neess esou wäit opriichten dass mer äis an engem klenge Weier wäsche kënne goen, mee d´Waasser ass méi knachteg ewéi mir selwer, awer dat mécht näischt, d´Kleeder erof an nëmmen drann.. Dat ass ee Genoss , an nom Bad ass et äis vill besser. Zwar brennen d´Féiss nach, mee et ass net méi esou schlëm, mir leën äis op eis Decken a schlofen. Ech ginn erwächt duurch dat wëllt Gerubbels vun éngem Maschinnegewier , russesch Schlachtflieger gräifen un, a mir kënne weider näischt maachen wéi an d´Heck ze krauchen an ze suergen datt s äis net gesinn. Eng Véierelsstonn dauert dee Komméidi, an engem Stéck tacken d´Maschinnegewierer an d´Bordkanounen, a mir leien do ewéi Weesekanner a kënnen näischt maachen. Op eemol hun se es genuch an et ass eriwwer, an eis Marschpaus och. Em 8 Auer maache mir äis fäerdeg, mee kaum sti mer op der Strooss, prett fir lass ze goen, kënt den Iwan, (dat ass de preiseschen Ausdrock fir de Russ) erëm , an esou musse mir waarden bis et däischter ass. Em 10 Auer si mer dann esou wäit, a wéi de Kompaniechef äis seet sinn et nëmme méi 7 Kilometer. „Gott sei Dank“ denke mer alleguer, well wäit géng kee sech méi schleefen. Ë puer Hieselternëss sinn alles wat ech haut nach giess hunn. Mee d´Feiss an d´Schëlleren donge méi wéi ewéi den Honger.
Donneschdeg, de 5. August 1943.
Halefnuecht ass eriwwer an nach ëmmer marschéiere mir, fir déi 7 russech Kilomerter kléng ze kréien. Ëm halwer 2 gët eng Rascht ageluegt, an am Moment ass alles entschlof, mëtten op der Strooss, am Gruef an iwerall leien dër . Vu fären brëlt d´ Artillerie, d´Flak (d´Flugabwehrkanonen) schéisst, Leuchtrakéite ginn an d´Luucht – op 200 Meter fale Bommen, mee et ass kee méi deen dropp réagéiert An da schloen Granaten an eis Reien an -.--**An dat ass wat mir ëmmer gefaart hunn – mir sinn - <u>do</u> – a mir wëssen ët nach net - mir sinn an der Front - mir sinn am Krich** ! An elo kann ech déi eenzel Dég nët méi uginn, well dë Bëgrëff vun Zäit ganz aus dem Sënn kom war. Muerges an Owes- Dag fir Dag- Nuecht fir Nuecht – Sonndeg a Wiirteg ware mir ënnerwee. Awer net méi no vir ass ët gaang ; d´Russen hun äis opgehalen an zeréckgedréckt – Dag fir Dag – Bommen –Granaten- Artillerie- Ugrëff, Feier- Doud- Verwonnter, Duuscht –keen Honger, Angscht – Doudangscht – an dach - Gott sei Dank „ mir mussen hannerzech „„ all Meter zerék ass ee Meter méi no fir heem.-Iwwerliewen – Ët ass deen eenzege Gedanken. Mir hu mat deem Krich näischt ze dunn, mir génge léiwer de Russen hëlefen .a mir wëllen a kënen hinnen hëlefen : de Preisen hir Moral briechen:– vorwärts Kameraden wir müssen zurück - dat versiche mer de Preise bäi ze bréngen an ët gët äis e gutt Gefill. Awer d´Angscht déi bleiwt. Iwwerliewen, jo, awer beileiwen a keng Kampfhysterie erafalen. Deen nët an enger Front stoung ka kaum verstoen wat dat wëll soen : Doudangscht hunn ,Waffen am Grapp, an sech net wieren - 14 Deg-**laang Deg - déi ni vergiess ginn –.**

An dann huet d´Front sech berouegt. Mee fir mech an méng letzebuurger Kommerode geet et virun- an ërëm geet et ouni Datum virun. Et ass alles geschitt an der Zäit vum 25. August bis den 9. September 1943. Eist Bataílloun ass verluegt ginn. Un der Miusfront, also an der Ukrain, hunn d´Russen eng nei Offensiv gestart, an et gët brenzlech . Nei Truppen sollen hëlefen.Scho véier Deg si mir vu Briank fort a fuere südlech. Ët ass eng fiirchterlech Hëtzt hei am Süden an am Zuch, an de Véiwagoen, ass ët bal net auszehalen. Endlech si mer esou wäit. Eng Gare (Illowaskaija) déi bestänneg vu russesche Flieger ugegraff gët , an och esou ausgesäit, ass eist Endziel. Ët ass 8 km östlich vu Stalino , d´Ausluede geet an engem viven Tempo, well all Minutt kënnen d´Russe kommen. Mat eise Veloen , well eise Verein ass elo an eng Fahrradschwadron ëmfunktionnéiert ginn – also mat eise Veloën - sti mir, vun de Beem verdeckt, a waarden wat komme soll. Ëm 5 Auer nomëttes fuere mir fort. D´Stroosse sinn zimlech gutt, vill besser wéi déi, déi mer am Mëttelofschnëtt gewinnt sinn. Mir landen an engem Bësch a sollen do d'Nuecht verbréngen . Lächer fir de Splitterschutz gi gegruewen. Mee nach si mir domat net fäerdeg, a schon heescht et : alles paken, an et geet weider. Véiër Stonnen rulle mir duurch d'Nuecht éier mir an dat Duerf kommen wou d´Russen am gaang sin unzegräifen. Fir d´éischt solle mir no rechts, mee kaum si mir an deër Richtung lass gefuer, kënt de „ Kommando zurück, alles nach links „. Scho laang begleet äis den Donner vun de Kanounen a rondrëm blëtzen d´Oofschëss vun de Geschëtzer,an elo knadderen d´Machinegewierer an d'Kugelen déi päifen. Mir gruewen äis Lächer, a wéi mir do mat fäerdeg sinn fängt hannerun äis d´M.G. vun der 2ter Schwadroun ze feieren. Déi sinn op d´Russe gestouss, a mir mussen hinn als Verstäerkung. Direkt fléien d´Kugelen äis ëm d´Oueren a lénks a rechts leien d´ Aschléi vun de russeschen Granatwerfer. Mir ginn a Stellung hannert enger Fielsmauer, virun deër eng Schlucht läit. Do verbrénge mer d'Nuecht mat schéissen an Uecht ginn, voller Angscht virun dem russeschen Ugrëff.Ouni Ausfall vun Doudegen oder Verwonnten geet d'Nuecht eriwwer a wéi et hell gët musse mir déi next Koppen besetzen vun deenen déi russesch Truppen sech zeréck gezunn hunn. Méi domm kënne mer net leien:– keng Deckung, kée Bam, kée Strauch, nëmme fräit Feld. D´Sonn déi brennt de ganzen Dag a mir kréie keng Verpflegung well all Gefier wat sech weist gët vun de Russen ënner Feier geholl. An engem Gaart huele mer äis Tomaten, Melounen a Quetschen a liewen do dervun, dobäi drénke mer Feldfläsche voll Waasser. Sou sëtze mer de ganzen Dag do ze broden, wéi op engem Présentéierteller.D´Russen feieren matt de Granatwerfer ënnert äis a maachen esou vill Schued dass déi 2 Schwadroun sech muss zeréck zéien. Géint 8 Auer gët et däischter an et soll z´iesse ginn. Ech maache mech mat de Feldfläschen op de Wee, mee de Won ass nach net do. Ech sëtze beim Kompaniegefechtsstand ze waarden, an dann héiere mir d´Rasselen vu russesche Panzer, an dat Geräisch kënt ëmmer méi no. Ë puer Minutten dropp fänken déi un ze schéissen. Alles leeft an Deckung an ech lée mech ënnert ee Fielsvierspronk Ganz no schloen d´Granaten an, an dann gesinn ech se kommen. Dat gesäit sech gewalteg un; an dat Feier wat se späizen dat ass onwirklech, an hannen drunn kommen L.K.W. voll gelueden mat russescher Infanterie. Elo gët et awer héich Zäit denken ech, klammen de Fiels erop wéi ee Kaweechelchen a laafen ën etlech Meter iwwert t´Héicht, an da séier déi aner Säit erëm erof; Do treffen ech e puer Mann vun äis, déi och nach fort komm sinn a bei deenen ass och de Leutnant. Zesumme gi mir bis bei déi preisech Pak (Panzerabwehr Kanounen) leien. Déi schéisse wéi wëll, mee se geroden näischt Engem Panzer geléngt et op der Säit duurch ze briechen an hie kënt vun hannen iwwert äis. Et fällt kengem vun äis an sech ze wieren, nëmmen op, an hell de Bierg aus, de Panzer hannendrun. Mir schleefen och nach ee Verwondte mat dee selwer net méi goe kann. Sou geet et d´ganz Nuecht duurch déck an dënn iwwert Bierg an Dall, bestänneg am Feier vun de

russeschen Truppen a gedriwwen vun engem T 34 (russesche Panzer). Wéi mir esou géint 2 Auer bei den Tross kommen gi mir gewuer datt de Rescht d´Duerf gehalen huet a mir mussen erëm zeréck dohin. Ënnerwee iesse mir Äppel, Tomaten a Quetschen. D´Féiss brennen, a midd si mir fir ëmzefalen. Ëm 8 Auer si mir endlech nees am Duerf bei deenen aneren. Kee kann sech méi op de Been hale vu Middigkeet. Mee Rou get et keng. Em 10 Auer ass en Ugrëff fir déi verluere Koppen erëm ze erueweren. An ech hu keen Helm, keng Gaasmask a kee Spued méi, dat ass alles geschter fleete gaang a mat der Gaasmask mäi Schreiwpabeier, méng Bläistëfter a méng Aspirinnen. An dann kommen d´Meldungen vun den Ausfäll an der Nuecht. 2 Elsässer, déi de Russen an d´Hänn gefall waren, ginn opfont mat Kappschoss an och 3 Letzebuurger si verschwonnen. Ët get 10 Auer an d´nopesch Kompanien gräifen un. Mir ginn als Secherung lénks op eng Héicht déi mir och ereechen ouni beschoss ze ginn. An neess eng kéier leie mer de ganzen Dag an der Sonn, ouni Verpflegung a mussen äis mat Tomaten an Uebst erhalen.Mir drénken d´Waasser aus de Gasmaskebécksen well mer keng Feldfläsche méi hunn. Sou lauere mir de ganzen Dag op d´Russen a sinn net wéinig erstaunt wéi et géint 6 Auer heescht „ alles soll sech zeréck zéien". Ënnen am Duerf fanne mir eis Rieder erëm a fueren d´ganz Nuecht duurch a landen géint der Muergen an enger zerfalener Zillefabrik Do kréie mer Zigaretten a Schokela als Marketenderwuer, an da muss eis Schwadroun op Spähtrupp, 10 km mat de Rieder, bestänneg am Feier vun der russescher Artillerie. Wéi eis Missioun fäerdeg ass fuere mer bei d´Kompanie hannescht an hoffen elo endlech Rou ze kréien. An engem klengen onheemlech dreckige Weier wäsche mer dee meeschte Knascht a Schweess aus de Gesiichter, awer nach éier mer fäerdeg sinn, ass schon den nächsten Ugrëff vun de Russen amgaang. Dee gëllt enger Gare déi 3 km vun eiser Positioun ewech ass, a mir mussen hin ; mat Ach a Krach a wéie Féiss komme mer bis bei d´Duerf (Gregorieffka)an éier mer äis ëmsinn hun ëmfänken d´Russen äis mat mäerdereschem Feier a lénks a rechts brieche schon déi éischt Verwonnt zesummen (ënner hinnen och mäi gudde Frënd den E. L vun Hengescht) a ruffen no de Sanitäter. An elo geet et richtig lass : mir musse kämpfen: -ugräifen – néiergeluegt, geschoss, opgesprongen a virun, nees néiergeworf an nees geschoss an erëm opgesprongen, Meter ëm Meter schaffe mer äis esou no vir . D´Russen feieren mat Granatwerfer a Pack ënnert äis a mir hu weider näischt ewéi eist Gewier an op all 5o Meter een M.G. Mir ereechen déi éischt Haiser, déi mat Handgranate gestiirmt ginn. D´Häiser fänken un ze brennen, a vu lénks a vu rechts kréie mir Flankefeier datt et äis virun den Aën fonkelt. Ëmmer méi hart get d´Jéimeren an d´Ruffen vun de Verletzten. Méng Strass ass esou dréchen, ech ka bal net méi schlécken, d´Longen déi päifen an t´Hærtz dat klappt vun Ustrengung an Opreegung. D´Nuecht déi kënt ouni datt mir et mierken. Opeemol ass et däischter- mir kommen nach bis bei den éischte Gruef a vun do geet et net méi weider. Eng hallef Stonn hale mir dëse Gruef , mee da kënt de Befehl äis bis hannert d´Bunn zeréck ze zéien.. Do leien all déi Verwonnt an déi Doudeg, an déi musse mir dann all e puer km. wäit matt schleefen, bis un d´Strooss wou se opgeluede ginn Ech ka kaum méi op de Bee stoen, d´Stiwwele si voll Kressi vum iwwert de Buedem rutschen . Wärend dem Ugrëff hunn ech näischt gespuert mee elo brennen d´Féiss ewéi Feier an nach musse mir de ganze Wee bis bei d´Zillefabrik zeréck. Mee et kënt ewéi et komme muss: an der Däischtert verlafe mir äis an trëllen d´ganz Nuecht duurch Déck an Dënn, an et dauert bis 3 Auer éiert mir endlech neess op eiser aler Plaz ukommen. Do kënne mir äis dann eng Stonn néierléen- op zerbrachenen Zillen.. Ëm 4 Auer musse mer schon neess untrieden. Ët get festgestallt wien alles feelt – an dat sinn der net wéineg. Vun eisen 28 Letzebuurger si mir nach zu 10, déi aner sin all deels liicht , deels schwéier verletzt. T´Flemm ass immens, doudmid si mir, a krank vum näischt ordentlichen iessen an

drénken ; d´Angscht ass äis an Glidder gefuer a mir droen schwéier um Schicksal vun eise verwonnten letzebuurger Komeroden ; Et kann een déi Gefiller déi an esou engem Moment duurch ee ginn einfach net beschreiwen. An da gi mir oofgelenkt , mir kréien Verpflegung an dobäi ass och déi Spezialverpflegung „für Frontkämpfer im Grosskampf „ : Päckelcher mat Schokela ! mat Kamellen ! Zigaretten ! Cakes ! a Fruchtbrötchen !.Nodeem mir eis Ausrüstung mat dem Material vun den Doudegen a Verletzten erëm opgefëllt hunn, setze mir äis neess op d´Rieder an et geet weider. Lénks a rechts sinn d´Aschléi vun der russischer Artillerie ganz no a mer si frou,wéi mer an engem Bongert halt maachen. Do lée mer äis all nidder, an ech tessele mech ënnert e Camion deen do steet . Mir leien nach keng véierels Stonn dun huet de Russ äis entdéckt a mir kréien e Feier et kann ee soen „ datt et niwwelt a kraacht „. , d´Loft ass schwarz vu Polverdamp, an op eemol get et ee gewaltige Pouffert an et rabbelt duurch de Camion datt ee mengt de Blech géng a Stécker gerappt : Ee Volltreffer ass an der Bongert ageschloen ganz no wou ech loug. Wéi ech mech ënnert dem Kamion erauswoen, muss ech fir t´éischt en Doudegen ewech drécken , an da gesinn ech déi ganz Bescherung : Al, déi an der Gegend lougen sinn doud oder esou schwéier verletzt , dass si äis, wéi mir si wëllen ewech droen ënnert den Hänn stierwen. Mir geet de Schweess aus, an ech hunn es esou genuch ewéi a méngem Liewen nach net. Eis Schwadroun ass bis op 14 Man erof gaang dovun sinn nach 6 Letzebuurger (déi aner 4 sinn och nach gesond, déi si bei der 2.ter Schwadroun) Da gët et ewéineg méi roueg mat dem Geschéiss. Laanscht äis geet en anert Regiment an den Ugrëff a mir sollen als Reserv hanne bleiwen.Mee mat dem Ugrëff ass et Kéis, well se kommen nëmmen bis an dat nächst Duerf, a vun do un geet et net méi virun. Duefir musse mir elo hëlleffe goen a schaffen äis duerch bis 5o Meter virun dat Duerf an do leie mir an éischter Linn zu 2 an 2 an engem Schützelach. Dovun soll dann deen een rouen an deen aneren soll Uecht ginn. Mee déi Kéier sinn et d´Russen déi äis e Strëch duurch d´Rechnung maachen . Elo gräifen sie unn , an esou vill der och am Granatereen vun der preisescher Artillerie falen a verwonnt gin , si sinn net opzehalen. Wéi Beieschwärm kommen se erum , ganz no sin se schon, mir héieren hirt jäitzen: **hurräh hurräh hurräh** - ee Gejäitz dat äis moralesch futti mecht an dat äis d´Schudderen iwwert de Réck jeet..Séier pake mer eis puer Saachen zesummen an nix wie gib ihm fort, zeréck natiirlech, an d´Duerf, an d´Russen hannerun äis. Déi Truppen déi am Duerf leien gi vun eiser Flucht ugestach, an alles rennt mat äis zeréck, déi Verwonnt bleiwe leien, et geet alles ze séier Hannert dem Duerf stinn déi preisech Offezéier mat entspaantem Revolver „ Wer noch einen Schritt zurück weicht, wird erschossen „.Awer et ass näischt ze maachen.... bis d´Zaldote selwer agesinn dass, wa si net stoe bleiwen an sech wieren mir alleguer verkaaft sin. D´Maschinnegewierer gin erëm opgebaut, eent niewent dat anert an déi preisech Artillerie fänkt och erëm un präzis ze schéissen. Esou kënt den Ugrëff zum Stoen an dann musse mir neess ugräifen : Schrëtt fir Schrëtt geet et no fir , an elo zéien d´Russen sech zeréck Steck fir Steck vum Duerf musse se opginn , an esou wéi et Nuecht get, ass kee Russ méi am Duerf. 11 Spähtruppen ginn ausgeschéckt fir festzestellen wéi d´Situatioun um Terrain ass, déi eenzel Haiser ginn duurchkämmt, déi Doudeg an déi Verletzt ginn ewech geschafft an domatt vergeet déi ganz Nuecht. Da kréie mir Verpflegung a mir mussen neess op e Spähtrupp. Wéi mer erëm kommen a soen wat mir gesinn hunn, gët déi ganz Front bis an d´hallef Duerf zeréck gezunn. Mir kréien eng Stellung an engem Bongert zougewisen a bezéien do Posten. Bei mir am Lach leit e Komerod vun Esch. An neess fonken d´Russen mat hire Granatwerfer ënnert äis an op 8 Meter niewt eiser Stellung schléit esou eng Granat an , an ee Splitter geet dem Escher duurch de Bak;- ech verbannen hien esou gutt ewéi et geet, - an da mëcht hien sech zeréck bis bei den Hauptverbandsplatz. D´Russen si bestännig am gaang unzegräifen, mee ech bedeelege mech net um Kampf a bleiwe

roueg a méngem Lach leien. Géint Mettëg gët et roueg an e puer vun äis ginn zeréck bei de Bataillounsgefechtsstand a mussen Munitioun fir d´Maschinnegewierer ëmguurten. Bumms ! opp 4 Meter schléit eng Granat an, den Dréck flitt äis ëm d´Gesiicht an d´Splitter surren äis ëm de Kapp – an dach gët kee verletzt.. „Gott sei Dank" well mir waren zu 3 Letzebuurger. Eng onheemlech Chance hate mir elo déi ganzen Zäit – hoffentlich hält dat un ! Géint 5 Auer seet de Spiess, mir kënten e wéineg schlofen, an esou verbrénge mir 3 Stonnen an engem Bunker, kommen awer wéinst deene ville Fléi net derzou , an ëm 7 Auer musse mer eraus. Zu 20 Mann solle mer lénks op enger Héicht Anschluss un de Rescht vun den Truppe sichen an do hëllefen. Mir gi lass, et gët däischter, a mir iren iwwer d´Koppen, no lénks, no rechts a kënne kee Mënsch fannen bis 12 Auer.Bei engem Stréikoup dee brennt fanne mer déi aner. Mir gruewen äis Lächer a leën äis dran. Et fängt un ze reenen an eis Lächer gi ee Bulli, a mir gi plätschnaass a wullen am Dréck ewéi Schwäin. Géint der Muergen soll et Verpflegung ginn, mee d´Russe gräifen un a mir hu keng Zäit. Eise Spiess kritt e Volltreffer vun enger Panzergranat a stierwt ënner schreckleche Péng. Em 10 Auer gesinn ech de Leutenent aus séngem Lach sprangen an de Bierg erof rennen. An dat éischt M.G. him no. Oho , denken ech , ass et esou wäit? Loossen se alles leien an hopp a fort ? Mee da gesinn ech se vun alle Säite gerannt kommen : d´Russen sin nämlech duurch eng Schlucht rondrëm äis gaang an hunn äis esou wäit agekesselt. Mir lafen fir eist Liewen, et fängt erëm un ze reene wéi e Schwäin a mir ginn alt erëm duurch an duurch naass . U mir ass keen drechene Fuedem méi, d´Stiwwele si voll Waasser an op een Zock ass dee mëlle Buedem ee Bulli. Den Dreck bleiwt un de Féiss hänken d´Stiwwele ginn ëmmer méi schwéier an ech kréie bal kee Fouss méi virun deen aner. Russesch Granatwerfer feieren ënnert äis, mee Gott sei Dank dass et reent , si gesinn äis net a musse blann schéissen. Vill ginn der werwonnt a bleiwen zeréck, aner kënnen net méi, a falen de Russen an d´Hänn. Ech sin nach eenigermoosse frësch, an esou kann ech méngem doudmidde letzebuurger Frënd Pol vu Schrondweiler weider hëllefen., hien huet keen Otem méi, mee duerno get net gekuckt. Virun äis leeft en Oberleutenant. Op eemol bleiwt hie stoen a geheit säi Gewier ewech. Hien dréit sech ëm a seet zu sénger Entschëlligung : „ Ich bin nämlich krank „.Mir och, soen ech a schons leien eis Flënten derniewent. De Rescht vum Wee krauche mer meeschtens op Hänn an op Féiss. Endlech hällt et op ze reenen . Offizéier zu Päerd komme mat de Revolver a soen mer missten a Stellung goën. Mir zwéin wësche laanscht a ginn an en Haus eran.. Ech schëdden emol d´Waasser aus de Stiwwelen, dréien d´Strëmp aus a gin op d´Sich no eiser Schwadroun. Déi fannen ech an engem Nopeschhaus, et sinn der net méi vill, am ganzen si mir nach zu 5 Letzebuurger. Sou sëtze mir an der klenger russischer Stuff, d´Kleeder naass a voller Dreck. Et spillt een op der Mundharmonika an een aner séngt d´Lidd „ Mamatschi „ . Mir loossen de Kapp henken, wa mir un déi vill denken déi gefall sinn an un dat wat aus äis selwer gi soll; t´gesäit kee méi en Auswee. Esou vergeet d´Zäit a wéi et ufänkt däischter ze ginn musse mir och eraus a Stellung. Eis Kleeder sinn nach naass an et ass kal, terribel kal. Mir gruewen äis Lächer, mee keen huet méi Hoffnung eraus ze kommen. Op ganz verluerenem Poste leie mir, all 100 Meter 2 Mann. Wéi eng Ërléisung kënt ëm 9 Auer de Befehl „ Alles sammeln „ an da geet et weider.....zeréck .An da gi mir erëm d´ganz Nuecht, esou bal mir stoe bleiwen leet alles sech néier a wann et méi ewéi 5 Minutten dauert ass alles entschlof. Mee et dauert ni laang , ëmmer geet et neess op, well d´Russen sin hannert äis.Ëm 6 Auer Murges komme mir un. Endlech komme mir emol an eng ordentlech Stellung, mat Bunkeren a Laafgrief Op der Héicht steet d´Flack,an am Dall déi preisech Artillerie. Mir kréien och Verpflegung, vill, alles wat mir déi lescht Deg net kruten , mat de „ Frontpäckchen „ an Zigaretten , an och en halve Litter Schnaps fir jiddereen. Endlech kënne mer och emol schlofen. Mettes gët et erëm

Verpflegung a Schnaps. Et bleiwt de ganzen Dag roueg, nëmmen déi preisech Artillerie schéisst, an d´Messerschmid Jagdbomber gräifen d`Staat un.(Wéi ech Joeren duerno aus Bicher konnt gesinn war et den 8 September 1943 : De Sender Beromünster (Schweiz) huet den 10 September 1943 gemellt „Der 8. September wird als ein schwarzer Tag für Deutschland in die Geschichte des gegenwärtigen Weltkrieges eingehen. Denn am 8.September hat die russische Armee das Donezbecken und seine Hauptstadt **STALINO** zurückerobert und trat der Waffenstillstand zwischen den alliierten Mächten und Italien in Kraft. Während in Moskau die Volksmenge mit Jubel die Wiedergewinnung des grössten russischen Industrie und Berwerkgebietes begrüsste, löste in den Strassen Londons und New-York die Nachricht von der Kapitulation Italiens gewaltige Freudenkundgebungen aus.) (Mir lougen also op den Héichten niewent der Staat Stalino an duefir dee gewaltigen Drock deen d´Russen gemat hun. Déi ware motivéiert .(Spéider Notiz vu mir R.L.).

Déi ganz Nuecht musse mir dobausse Poste stoen, wëll all Ablack kënnen d´Russen ugräifen. Mir kruten och eng Decken fir ëmzehenken, soss wir et ze kal. Ech sinn esou mid an no enger halver Stonn sichen ech mir en Eck a leë mech nidder, loossen Russe Russe sinn, a wann si och kéimen, et ass egal ech sinn ze mid. Géint der Muergen erwechen ech, stäif vu Keelt a vum Leien an deem enke Gruef. E bëssen drop kënt de Feldwebel mat enger Fläsch Schnaps, an eng gutt Drëp hëlleft engem neess op den Dill.. Da gi mir erëm an de Bunker, ;2 Man bleiwen als Posten. Mir schlofen dräi Stonnen, an da gräift de Russ un. Matt Masse komme se , a falen se . Sie schéisse mat Panzergranaten a Granatwerfer mee mir sëtzen an enger gutt ausgebauter Stellung an dogéint ass schwéier unzekommen. Bis 3 Auer dauert et éier si sech zeréck zéien. Et war Zäit ginn well äis ass d´Munitioun aussgaang . Zu 2 maache mir äis op de Wee fir der ërbäi ze schaffen. Dobäi gerode mir an e gewaltegt Feier vu schwéiere Maschinnegewierer a vu Granatwerfer, an et ass wéi e Wonner, dass mir heel eraus kommen . Munitioun hu mir keng fonnt, déi hun aner besuergt. Et gët Nuecht, an erëm sti mir Posten am Gruef . Géint Hallefnuecht muss ech op Horchposten d. h. tëschent d´Fronten knapp 50 Meter vun der russescher Stellung ewech., an dach kann ech mech net halen, ech entschlofen a méngem Lach, mee d´Chance léisst mech net am Stach : et passéiert näischt, an ech kommen éier et hell gët erëm ganz a gesond an de Bunker. Ëm 2 Auer mëttes maache mir äis zu 2 op de Wee fir Schampes an Zigaretten bei den Tross sichen ze goen. Mir landen an engem Duerf a well en onheemlecht Feier vun der Artillerie asetzt, gi mir an en Haus a verbréngen do de ganze Mëtteg bei enger russescher Familjen, drénke Mëllech an iessen Äppel a Quetschen. Géint der Owend gi mir weider a kommen wou mir hi sollen. . Mee de Schampes an t´Zigaretten si schons fort, oofgeholl, mee mir kommen grad zur Zäit fir d´Verpflegung matzehuelen. Ëm 10 Auer si mir neess am Bunker an duerno geet et op Posten an de Gruef. Murges gräifen d´Russen rechts vun äis un, an et geléngt hinnen duurchzebriechen. Si kommen an d´Duerf eran an ëm 7 Auer kënt de Befehl „ Alles zitt sech zeréck „. Also maache mir eis op de Wee a wéi dat esou de Gebrauch ass, wandere mer déi ganz Nuecht a gi géint der Murgen an engem Duerf a Stellung. Mir hun en Iwwergank dee vun de Preise gesprengt gouf ze secheren. Matt engem Ugrëff ass kaum ze rechnen. Mir verfuussen eis bis op 2 Posten an en Haus , kaperen e puer Henger, plëmmen se a kachen eis se och. Eër bake mer äis, an am Haus fanne mir Quetschen a gedrechent Schléiwen. Endlech kréien ech och Zäit fir emol de wochelaange Baart ze maachen a mech e wéineg ze wäschen. Mëettes kommen d´Russen a briechen déi Kéier lénks vun äis duurch.. Fir net agekesselt ze ginn zéie mir äis iwwert Héichten zeréck. De Réckzug dauert déi ganz Nuecht. Ënnerwee treffe mir de Won mat der Verpflegung. Mir kréien och Mäntel, an da geet et weider bis 3 Auer an da si mer an eiser neier

Stellung. Mir sin all gud midd léën äis an eis Lächer a schlofen. Op eemol gi mir erwecht vun engem Feldwebel deen an enger Verzweifelung ugerannt kënt :" Kommt hëllefen, do uewen gräift de Russ un mir kënnen en net halen. „. Also maache mir äis op de Wee fir mat eiser Munitioun auszehëlefen Déi preisech Artillerie feiert ënnert Russen an schéissen zimlech präzis a well d´Russen wéi gewéinlech a ganzen Träpp ugräifen ginn et onheemlech vill Doudeger a Verwonnter ënnert hinnen , esou dass se gezwonge ginn sech zeréckzezéien . Mir leien op enger ganz fräier Wiss an engem Hank a sinn esou vun de Russen ganz däitlech ze gesinn. Ech leien an engem ganz flaache Gruef a schëppe séier nach e wéineg Buedem eraus fir méi déif ze kommen.An da kënt déi russech Äntweert : Si huelen äis ënnert Feier, mat der Artillerie, mat de Granatwerfer, mat Feldgeschëtzer an mat deem geféierlechsten a agefaartem Feier vun en etlechen Stalinuergelen. Op enger Plaz vun 100 Meter schloe 75 Granaten an, d´Fonke fueren ewech, d´Splitter surren duurch d´Luucht, roudgliddeg, a fueren an de Buedem dass deen ewech sprutzt, d´Loft ass schwaarz a stéckeg vu Polverdamp. Ech drécke mech fest un de Buedem vu mengem Lach un. An da geschitt et : eng Granat kënt ugesurrt , ech spieren dass se ganz no muss aschloen, ech strecken de Kapp an den Dréck an dréke mech un de Buedem esou fest ewéi et geet. Et kraacht onheemlech, ech gi bal ganz zougeschott vum Buedem deen ewech flitt, e kuurzt Päifen an da spiren ech de Schlag widder de rechte Fouss a weess . elo ass et geschitt awer wat geschitt ass weess ech nach net. Et deet näischt wéi, de Fouss ass nach do, an dann héieren niewt mir e Letzebuurger (P.W. vu Schrondweiler) stöhnen a ruffen: Bob hëllef mer ech si verwonnt. Ech dréie mech zou him , well hie just niewent mir läit a gesinn : hie blutt aus der Broscht , net schrecklech vill , ech dréien hien ëm , um Réck gesinn ech näischt also muss de Splitter nach am Kiirper stiechen. Ënnert dem Granatfeier , dat nach grad esou schro virugeet, verbannen ech séng Wonn fir d`Blutt ze stëllen, a wéi ech da wëll opstoen , erënnert mäi Fouss mech drunn dasst ech och eppes matkrut. Och mäi Fouss blutt net schrecklech wéi ech de Stiwwel ausdinn.: ee Splitter ass duurch d´Suel eragaang a stécht nach am Fouss. Ech verbanne mech selwer(grad murges hat ech mir 2 frësch Verbandspäckchen an d´Täsch gestach) an zéie mech zeréck. Sanitäter déi erbäi koumen droen ënnert dem Bommereen de Paul op enger Drobir aus dem Feier. Ee Kübelwon hëlt äis zwéin mat bei den Dokter dee séier kuckt wéi schwéier d´Verletzunge sinn. Säi Schreiwer notéiert eis Nimm an da geet et mat engem Sanka (Sanitätskrankenwagen) bis op den Hauptverbandsplatz. (Et ass den 9.September 1943) Et ass eng Fahrt vun 3 Stonnen iwwert russesch Stroossen an ech fléien am Auto hinn an hir, De Pol jéimert , hien huet onheemlech Péng, ech tréischten hien a schwätze him, hie rifft no sénger Mamm, an op eemol get hie roueg. Endlech komme mir un. Den Dokter kuckt kuurz nom Paul, rëselt de Kapp, verbënnt da mäi Fouss ordentlech, ma éier hie fäerdeg ass brécht d´Panik aus. D´Russe sin un der Front duurchgebrach an Hals iwwert Kapp geet de Réckzug lass. Ech gi mat e puer aner Verletzter op ee Kamion gelueden an zerèck geet et. De Paul bleiwt op senger Brëtsch leie wou hie loug, bleech an ouni Bewegung. Méi wéi secher ass hien dout.

Ee Letzebuurger,(den H.G..vun Zéisseng) bleiwt vun 30 Letzebuurger nach eleng an der Front

Ech gi mat nach aner Verwonnter bis op Pologi geféiert. Do kommen ech an ee Lazarettzug a fuere mat deem bis op Prezemisl am Generalgouvernement d.h.op der Ukrainesch-Polnescher Grenz.

Sein sehnlichster Wunsch, das schöne Luxemburg
und all seine Lieben daselbst wiederzusehen
blieb ihm unerfüllt.

Zum liebevollen Andenken

an unsern innigstgeliebten unvergeßlichen
Sohn, Bruder, Schwager, Onkel, Neffen und Vetter

Hary Becker

geboren zu Heinerscheid am 3. Mai 1922, gestorben in Polosk am 14. November 1943, im blühenden Alter von 21 Jahren.

Heinerscheid, den 13. Dezember 1943.

Jesus! Maria! Joseph!

Wenn Liebe könnte Wunder tun
Und Tränen Tote wecken,
So würde dich, du lieber Sohn,
Nicht Russlands Erde decken.

Du hast so oft an uns geschrieben:
Macht keine Sorgen euch, ihr Lieben,
Auf baldiges frohes Wiedersehn.
Ach, kaum ist es ja zu fassen,
Daß du nicht mehr kehrst zurück,
So jung mußtest du dein Leben lassen,
Du unsere Hoffnung, unser Glück.
Wenn unsere Herzen nun auch weinen,
Weil du mußtest von uns gehn,
Im Himmel gibt's ein Wiedersehn.

In der Blüte weggerissen,
Ruhst in fremder Erde du.
Oh, nimm aus heißersehnter Heimat
Unsere Tränen mit zur Ruh.
Wir konnten dich nicht sterben sehen
Und nicht an deinem Grabe stehen.
